

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3379 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3150 vum selwechten honorabelen Deputéierten, gött et och hei kee Prinzip, datt ee Kandidat rembourséiert géif ginn am Fall, wou en de Sproochentest fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit am INL net packt. Dës Feststellung bréngt mat sech, datt all déi aner Froen hifälleg ginn.

Déi Fäll, wou ee Remboursement virgesinn ass, sinn am Artikel 17 vum der *Loi du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de 1. la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise, 2. la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise*, festgehalen, an déi bezéien sech op d'Reussite vum Kandidat am Sproochentest.